PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 03/04/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir den Interieur weiderzeleeden.**

Mir ass zougedroe ginn, dass an der Gemeng Käl-Téiteng d'Sitzunge vu verschiddene konsultative Kommissiounen op Nofro vun der lokaler ADR-Sektioun ganz op Franséich ofgehale solle ginn an d'Majoritéit vun de Kommissiounsmemberen dorobber insistéiert, dass all déi uwiesend Memberen sech nëmmen an der franséicher Sprooch dierften ausdrécken.

Et ass a Kommissiounen um Gemengenniveau normalerweis esou, dass d'Sitzungen op Lëtzebuergesch gehale ginn, mee kee Gesetz verbitt oder schreift vir, dass nëmmen eng vun den dräi Amtssproochen dierf genotzt ginn. D'Artikele 14 a 15 vum Gemengegesetz leeë fest:

> *"Art. 14. La langue usuelle parlée au conseil communal est le luxembourgeois. Les conseillers peuvent s'exprimer également dans l'une des autres langues visées à l'article 3 de la loi du 24 février 1984 sur le régime des langues. Nul ne saurait toutefois demander une interprétation de la langue parlée ou une traduction des documents écrits présentés en une des langues visées par la loi précitée ou en toute autre langue."*

> *"Art. 15. Le conseil communal peut constituer des commissions consultatives dont la composition, le fonctionnement et les attributions sont fixés par règlement d'ordre intérieur. […]"*

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Fro stellen:

1. Dierf eng konsultativ Kommissioun sech reng op Franséich verstännegen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten